

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Henri Grethen, Vice-Président

Ordre du jour

- 1. 5337 - Projet de loi portant création d'un congé individuel de formation et modification
 - 1. du Code du Travail;
 - 2. de la loi modifiée du 4 octobre 1973 concernant l'institution d'un congé-éducation;
 - 3. de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;
 - 4. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

(Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 2. 5628 - Projet de loi portant approbation
 - du Protocole d'amendement à la Convention portant création du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme;
 - des amendements au Protocole sur les privilèges et immunités du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme

(Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 3. Dépôt d'un projet de loi
- 4. 5636 - Projet de loi concernant la disparition des personnes et portant modification du Code d'instruction criminelle

(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 5. 5637 - Projet de loi relative à la création d'une société de gestion de patrimoine familial («SPF»)

(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Marie-Josée Jacobs, Mady Delvaux-Stehres et M. Luc Frieden, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

]] M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

]] Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.- Neen, Här President.

]] M. le Président.- Ech géif proposéieren, dass mer dee Vote, dee mer vu gëschter nach ze maachen hunn, no dem éischte Projet maachen, dee mer um Ordre du jour hunn. Dat ass de Projet iwwert de Congé individuel de formation, wou de Code du Travail a verschidden aner Gesetzter ëmgeännert ginn. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Jos Scheuer, mä a sengem Numm presentéiert den Här Fernand Diederich de Rapport vun der Educationskommission.



1. 5337 - Projet de loi portant création d'un congé individuel de formation et modification

1. du Code du Travail;

2. de la loi modifiée du 4 octobre 1973 concernant l'institution d'un congé-éducation;

3. de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

4. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le sta-

tut général des fonctionnaires communaux

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

]] M. Fernand Diederich (LSAP), rapporteur, en remplacement de M. Jos Scheuer.- Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 5337 ass de 4. Mee 2004 vun der deemoleger Madame Minister vun der Éducation nationale, der Formation professionnelle an dem Sport, der Madame Brasseur, an der Chamber déposéiert ginn. D'Beruffschamberen hunn hiren Avis dozou ofginn, an de Statsrot huet säin Avis de 14. Februar 2006 formuléiert.

An der Réunioun vum 5. Abrëll ass de Projet eng éischte Kéier an der Kommission vun der Éducation nationale presentéiert ginn. De President vun der Kommission Jos Scheuer ass an der Réunioun vum 22. Mee als Rapporteur bestëmmt ginn. An enger Réunion jointe mat der Familljekommission den 13. Juli 2006 sinn de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert ginn. De 6. Juli 2006 huet d'Kommission eng Rei Amendementer ugeholl an den 28. Februar 2007 den Avis complémentaire vum Statsrot diskutéiert.

D'Madame Minister zoustänneg fir d'Famill an d'Jugend huet proposéiert, d'Zousazkonditioun vun enger Zougehéieregkeet vu sechs Méint am Betrib beim Congé-jeunesse ewechzeloossen, fir esou deene jonken Animeuren déiselwecht Méiglechkeeten ze bidden wéi hiren eelere Kolleegen. D'Kommission huet dëse Virschlag ugeholl, an de Rapport zu dësem Gesetzesprojet ass den 18. Abrëll 2007 ugeholl ginn.

Wat den Historique ubelaangt, huet de Wirtschafts- a Sozialrot an engem Avis vum 8. Dezember 1993 Recommandatiounen zur Berufsausbildung formuléiert. Doraus ass d'Gesetz vum 22. Juni 1999 entstanen, dat ee rechtliche Regime geschaf huet fir de kollektiven Accès zur Formation professionnelle continue. Am Kader vun der Konvention, déi den 2. Mee 2003 opgrond vum Subsidiaritätsprinzip tëschent de repräsentative Gewerkschaften an den Arbeitgeber aus dem Privatsektor ënnerschriwwen gouf, soll den Accès vum Eenzelnen zur Formation professionnelle continue erliichtert ginn. Déi zwou Parteien hu Recommandatiounen gemaach fir en deementsprieche Congé, déi de 4. Mee 2004 zum Dépôt vun dësem Gesetzesprojet gefouert hunn.

Den Objet vum Gesetzesprojet besteet an der Schafung vun engem individuelle Congé de formation, deem d'Arbeitnehmer, d'Indépendanten an déi liberal Beruffer soll encouragéieren, Formatiounen ze maachen, déi hinnen hëllefen, op Changementer an hirem Berufsliewen ze reagéieren, déi hir Employabilitéit verbesseren, eventuell Chômageperiode verkierzen an de Wiessel op eng nei Aarbechtsplaz erliichteren.

De Projet schreift sech um Niveau vun der Europäescher Unioun an de Kader vun der Relance vun der Lissabon-Strategie an, wou op d'Wichtigkeet vum „lifelong learning“ hi-gewise gëtt. Fir d'Ausbildung vun den Er-wuessene brauch een Zäit, déi de Leit, déi berufflech engagéiert sinn, net ëmmer ge-nuch zur Verfügung steet.

A sengem Avis vum 14. Februar 2006 stellt de Statsrot fest, datt de Secteur public bei dësem Gesetzesprojet ausgeschloss ass. Senger Meenung no gëtt et keng objektiv Kritären, déi den Ausschluss vun den Arbeitnehmer aus dem öffentliche Sektor justifiéieren. De Prinzip vun der Gläichheet virum Gesetz ass net respektéiert. De Statsrot weist d'Chamber dorop hin, datt e sech wäert formell opposéieren.

D'Kommission ass der Meenung, datt de Gesetzesprojet aus engem Accord tëschent de Sozialpartner aus dem Privatsektor eraus entstanen ass, an domat den öffentliche Déngscht ausgeschloss war. Ähnlech Negociatiounen missten um Niveau vun der Fonction publique gefouert ginn. Si ass net d'accord, fir der Textproposition vum Conseil d'État ze suivéieren.

A sengem Avis complémentaire vum 16. Januar 2007 stellt de Statsrot fest, datt déi vun der Kommission proposéiert Amendementer sengen Observatiounen aus dem éischten Avis an engem bestëmmte Mooss Rechnung droen, bedauert awer, datt d'Kommission an der Fro vun der Gläichheet virum Gesetz bei hirer Positioun bleift.

Ausserdeem bemierkt hien, datt de Congé-formation misst am Code du Travail iwwerholl ginn, esou wéi déi aner spezial Congéen, wat och gemaach ginn ass.

Wat den Intitulé ubelaangt, proposéiert de Statsrot opgrond vun der Aféierung vum Code du Travail duerch d'Gesetz vum 31. Juli 2006 eng nei Formulatioun, déi den Accord vun der Kommission fënnt. Den Intitulé ass folgendermoosse libelléiert: Projet de loi portant création d'un congé individuel de formation et modification 1. du Code du Travail; 2. de la loi modifiée du 4 octobre 1973 concernant l'institution d'un congé-éducation; 3. de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État; 4. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux.

Den Artikel 1 beseet: Et gëtt e Spezialcongé geschaf, genannt Congé-formation, deem et soll dem Arbeitnehmer erlaben, u Coursen deelzehuelen, Examen virzubereeden, Mémoires ze rédiger oder aner Aarbechten am Zusammenhang mat enger Formation ze maachen. An de Genoss vun dësem Congé kënnen Arbeitnehmer kommen, déi normalerweis op enger Aarbechtsplaz op dem Lëtzebuerger Territoire beschäftigt sinn, duerch een Aarbechtsvertrag un eng Entreprise gebonne sinn, déi rechtméisseg am Grand-Duché etabléiert ass. Si müssen ausserdeem weinstens sechs Méint bei dem Arbeitgeber beschäftigt sinn am Moment, wou se de Congé ufroen.

D'Demande fir de Congé muss vum Arbeitgeber aviséiert ginn. Bei engem negativen Avis kann de Congé zréckgesat ginn, wann d'Absence vum Arbeitnehmer gréisser negativ Auswierkunge fir de Betrib hätt. Als Formatiounen ginn déi unerkannt, déi uge-

buede gi vun Institutionen, déi de Statut vun der öffentlecher a privater Schoul hunn, vu Beruffschamberen a vu privaten Associationen, déi vum Ministère unerkannt sinn, hei zu Lëtzebuerg oder am Ausland. D'Gesamtdauer vum Congé-formation kann 80 Deeg während enger berufflecher Carrière net dépasséieren. Maximal kënnen 20 Deeg iwwer eng Period vun zwee Joer zouerkannt ginn.

De Congé ka fractionnéiert ginn. D'Minimaldauer ass een Dag. Fir déi Leit, déi à temps partiel beschäftigt sinn, ginn d'Congés-deeg proportionell gerechent. D'Sonnenzuel, déi investéiert gëtt, gëtt an Zuel vu Schaffdeeg ëmgewandelt, andeem se duerch acht dividéiert gëtt. D'Zuel vun den Urlaubsdeeg gëtt gerechent, andeem dëse Quotient duerch dräi dividéiert gëtt.

Arbeitnehmer, déi an de Genoss vum Congé-formation kommen, hunn Urecht fir all Congésdag op eng Ausgläichsentschädigung an Héicht vum Duerchschnëttsloun, ouni datt se awer dat Véierfacht vum soziale Mindestloun fir netqualifizéiert Arbeitnehmer dépasséieren däerf. D'Indemnitéit gëtt vum Arbeitgeber bezuelt. De Stat bezuelt dem Arbeitgeber de Betrag vun der Indemnitéit zréck, souwéi d'Part patronale vun de Sozialbeiträg.

Artikel 2: De Genoss vum Congé-formation, deem am Code du Travail virgesinn ass, gëtt op d'Indépendanten an op liberal Beruffer ausgedehnt, déi säit mindestens zwee Joer bei der Lëtzebuerger Sozialversécherung affiliéiert sinn. D'Indemnitéit gëtt fixéiert op Basis vum Revenu, dee fir d'Pensionsversicherung gëllt, ouni datt se dat Véierfacht vum sozialen Mindestloun och däerf iwwerschreiden.

Artikel 3: D'Gestioun vum Congé-formation geschitt duerch de Service de la formation professionnelle. Zu dësem Zweck ass de Service autoriséiert, iwwert d'Effektiver eraus, déi duerch d'Budgetgesetz autoriséiert sinn, ee Fonctionnaire an der Carrière vum Redakter oder een Employé de l'État aus der Carrière D anzustellen.

Artikel 4: Et gëtt eng berodend Kommission agesat, déi als Missioun huet, d'Demandé vun den Indépendanten an de libérale Beruffer ze aviséieren an hiren Avis am Sträitfall ze ginn. D'Kommission besteet aus siwe Memberen: engem Vertrieeder vum Ministère vun der Formation professionnelle als President, engem Vertrieeder vum Aarbechtsminister a jee engem Vertrieeder vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, der Chambre de l'Agriculture, der Chambre du Travail an der Chambre des Employés privés. Si gi vum Minister fir fënnef Joer ernannt. Dës Dauer ass renouvelabel. D'Kommission kann op Experten zréckgräfen.

Artikel 5: Spéitstens fënnef Joer no dem Akraaftriede vun dësem Gesetz gëtt en Evaluatiounsrapport un d'Regierung an un d'Chamber geschéckt.

Artikel 6: D'ofgeännert Gesetz vum 4. Oktober 1973 iwwert de Congé-éducation kritt folgenden Intitulé: Loi modifiée du 4 octobre 1973 concernant l'institution d'un congé-jeunesse. De But vun dësem Congé besteet doran, Aktivitéiten am Intérêt vun der Jugend um lokalen, regionalen an nationale Plang ze ënnerstëtzen.

Et geet drëm, datt déi Jugendlech u Stagen, Studiendeeg oder -wochen, Coursen oder Treffen hei am Land oder am Ausland deelhuele kënnen. Fir folgend Aktivitéite kann de Congé-jeunesse accordéiert ginn: Formation a Perfectionnement vu Jugendanimateuren, Formatioun vu Kadere vu Jugendbewegungen oder kulturellen oder sportleche Veräiner, d'Organisation an den Encadrement vu Stagen an éducativen Aktivitéite fir déi Jonk.

D'Genehmigung vun dësen Programmer an d'Unerkennung vum Congé-jeunesse geschéien am Respekt vun de Kreditter, déi all Joer am Budget vum Stat zu dësem Zweck ageschriwwen sinn. D'komplett Dauer vum Congé-jeunesse ka 60 Deeg net iwwerschreiden. D'Gestioun vum Congé-jeunesse geschitt duerch de Minister, dee fir d'Jugend zoustänneg ass. Déi weider Bestëmmungen sinn déiselwecht wéi fir de Congé-formation.

Artikel 7: An der Loi modifiée vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Statut vun de Statsbeamte souwéi an der Loi modifiée vum 24. Dezember 1985 iwwert de Statut vun de Gemengebeamte gëtt den Terme Congé-éducation duerch den Terme Congé-jeunesse ersat. De Congé-jeunesse gëllt also och fir de Secteur public.

Artikel 7: Dëst Gesetz trëtt a Kraaft den éischten Dag vum Mount no deem vu senger Publikatioun am Mémorial.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Noutwendegkeet vum „lifelong learning“ haut net ka genuch betount ginn, esou ass et awer wichteg, duerch konkret Moossnamen d'Ëmsetzung ze erméiglechen. De Stat huet mat dësem Gesetz e wichtige Bäitrag dozou geliwwert. Ech bieden lech, dëse Gesetzesprojekt unzehuelen, a bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Diederich. Als éischte Riedner ass ageschriwwen déi honorabel Madame Marie-Thérèse Gantenbein. Madame Gantenbein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5337 huet e Péripel duerch zwou Legislature gemaach, huet also zwee Auteuren oder zwou Autricen - wann ech dat däréf esou soen -: d'Madame Brasseur an d'Madame Delvaux.

D'Avisé vun de verschiddene Chamberen, vum Conseil d'État an d'Prise de position vun der Familljeminitesch sinn erallt ginn tëschent dem 8. Oktober 2004 an dem 28. Februar 2007. Zweenenhalleft Joer laang war dat alles a Gestation.

Ech wëllt awer net verfeelen, dem Rapporteur, dem honorabelen Här Jos Scheuer, op Demande vu sengem Kolleg fir säin extensive schrëftlechen a säin exzellente mëndleche Rapport Merci ze soen.

Dëst Gesetz mécht eng grouss Ouverture a Richtung Valorisation vum Humankapital a gëtt zugläich d'Méiglechkeet, dem fréiere Congé-éducation eng Eegestännegkeet ze ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, et sinn déi Réimesch Verträge, deenen hir 50 Joer mer virun e puer Wochen op dëser Plaz gefeiert hunn, déi an den Artikelen 126 an 127 d'Wichtegkeet vun der professioneller Formation ervirsträchen: «La Communauté met en œuvre une politique de formation professionnelle, qui appuie et complète les actions des États membres,...»

Entsprechend dem Subsidiaritätsprinzip ass also jiddfer Stat gefuerdert. An der Vergaangenheet ass scho mat dem Gesetz vum 1973 iwwert d'Afëierung vum Congé-éducation a mam Gesetz vum 1979 iwwert d'Afëierung vum Accès collectif des travailleurs à la formation professionnelle continue en Ufank gemaach ginn. A mat dësem Projet si mer an der Kontinuitéit.

Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet maache mer, wéi ech scho gesot hunn, en Investissement an d'Humankapital. Mir investéieren an d'Intelligenz, an d'Kompetenzen an an d'Wësse vun de schaffende Leit: de Beschäftegten aus dem Privatsektor, de Selbstännegen an de liberale Beruffer.

Fir de Moment sinn d'Statsbeamten nach vum Projet ausgeschloss. Dat soll awer eiser Meenung no änneren a si solle mat agebonne ginn. Ech komme méi spéit op dëse Punkt zrëck.

Här President, eis manuell schaffend Welt ass amgaang, ëmmer méi eng intellektuell Welt ze ginn. Mir haten eis zum Zil gesat, déi rébarbativ schwéier manuell Aarbechte vu Maschinnen a Roboter ausrichten ze loos sen. Dat hu mer och op wäite Strecke fäerdeg bruecht.

Awer haut ass et e Fait, dass d'Evolution ëmmer méi enger intellektueller Revolution gläichkënn, wou d'mënschlecht Wëssen ëmmer méi am Vierdergrond steet. Sou eng Erkenntnis verflcht. A mat dësem Projet de loi huet d'Politik dëser Erkenntnis an dëser Verflchtung Akte follege gelooss.

Fir dem Wëssen ëmmer méi gerecht ze ginn, fir ëmmer a permanent um leschte Stand vun dem Wëssen ze bleiwen, ass et vu fundamentaler Wichtigkeet an d'Formation ze investéieren; se net nëmmen unzbidden, mä se och fir jiddfer Einzelnen zougänglich ze maachen. Dat dreift d'Beschäftigung an d'Luucht, léisst eist Land op engem héije Kompetitivitéitsniveau an ass wichteg fir d'Cohésion sociale vun eiser Gesellschaft.

Net nëmmen op d'Formation continue musse mer setzen, mä op d'Formation als solch ënner all hiren Aspekter: nei Formation, eng aner Formation, a méi Formation. Dat ass wichteg fir d'Zefriddenheet vu jiddfer schaffendem Mënsch, fir dass hie sech ka verännere, entwéckelen, sech verbessern an net, wéi bis elo oft, muss mat Frust e Liewe laang enger Aarbecht no goen, déi hien net gäre mécht oder net méi gäre mécht, well d'Routine kann déidlech sinn an d'Motivation muss ëmmer erëm geniert ginn.

Här President, déi Formationsméiglechkeet, déi mer mat dësem Projet schafen, hëlleft och, Exklusionen ofbauen a gläich Chancë fir jiddferee schafen. Ech denken un déi, déi an de fréiere Jore sech keng Formation konnte leeschten an direkt hu misse schaffe goen an elo probéiere kënnen - wa se et da wëllen - sech ëmzeschoulen.

Wéi oft héiert een dobaussen: „Wann ech fréier d'Chance gehat hätt, fir ze léieren!“ Et waren der och, déi haten d'Chance an hu se net genotzt aus ënnerschiddleche Grënn. Am Liewe gëtt een heiansdo méi spéit asichteg. Och deene gëtt dëse Projet de loi d'Méiglechkeet, hirem Liewen en neien Dréi ze ginn.

An dësem Projet gi mer awer virun allem jiddferengem déi finanziell Moyenen, fir den Appetit op Formation unzeregen. Jiddferee kritt d'Méiglechkeet, a sengem professionelle Liewen ze evoluéieren, egal wéi eng Origine hien huet, egal wéi eng Ausbildung hien huet, wann hien de Wëllen dozou huet - natierlech sous condition, dass den Aarbechtsrhythmus an de Patron et erlaben, wéi et an deene respektiven Artikele steet.

Jiddferee kann d'Chance ergräifen, déi him et erlaabt, seng Plaz an der Gesellschaft ze verbessern. Och wann ee betoune muss, dass dës nei Form vu Congé nëmmen duergeet, fir sech a senger Aarbecht ze perfektionéieren an nëmmen a beschränkte Fäll frësch respektiv nei ze orientéieren. Egal wéi, et ass een appréciable Schrëtt, dee mer am Beräich vun der Formation maachen.

Ech denken un eng Sekretärin, déi sech an der Kontabilitéit wëllt schoulen an elo d'Méiglechkeet huet, sech iwwert déi Formationen, déi déi professionell Chamberen ubidden, an déi nei Matière eranzeschaffen, sech dann no an no perfektionéiere kann an duerno vläicht ganz an der Kontabilitéit hiert berufflecht Doheem fënnt. Ech denken och un eng Standardistin, déi Sekretariatsaarbechte wëllt maachen an hei iwwer e puer Cyclen Notiounen am Sekretariat ka kréien an och hei eng nei Carrière ka maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir sengem Liewen eng ganz nei Orientatioun ze ginn, ginn déi 80 Stonne Congé, déi den

neien Artikel L234-61 virgesäit, sécher net duer, mä et geet awer bestëmt duer, fir de Goût un der Formation ze kréien, och de Goût, sech dann duerno nei orientéieren ze wëllen an esou d'Chance ze notzen, eppes aneschters ze maachen.

De Perfectionnement kann een dann ouni Weideres iwwert d'Formation professionnelle continue maachen, déi jo och an engem Gesetz hei an dësem Haus gestëmmt gouf a vu ville Bierger a Biergerinnen an Usproch geholl gëtt.

Mat dësem Gesetz ännere mer den Text vum 1973 iwwert de Congé-éducation, dee mer vun elo u Congé-jeunesse nennen, an dat zu guddem Recht, well déi Dénomination Congé-éducation zur Konfusion féiere kéint.

Elo hu mer ee Gesetzestext, deen enger-säits d'Modalitéiten iwwert de Congé individuel de formation aféiert, an d'Modalitéiten, déi mer iwwert de Congé-jeunesse scho kannt hunn, mat abënn; dee Congé, deen ee kann huelen - a vun dësem Congé kënnen d'Fonctionnaires och weiderhi profitéieren -, wann ee wëllt animateur vu Jugendleche ginn, sech am Kader vun der Betreuung vu Jugendorganisationen, kulturellen Associatiounen oder Sportsclubb perfektionéiere wëllt oder awer mathëlleft, Jugendaktivitéiten oder Formationsstagen ze organiséieren.

Et ass op dëser Plaz interessant ervirzesträichen, dass dës Form vu Congé am Joer 2003 bei 1.153 Demandeuren Uklang fonnt huet, an dass de Stat sech déi Congéen d'Joer 2003 ronn eng hallef Millioun Euro kaschte gelooss huet.

Här President, mat dësem Projet gëtt och dat neit Aarbechtsgesetzbuch deemtsprechend op senger jeeweilegen Dispositionen ëmgeännert a komplettéiert.

Ech wëllt nach op ee wichtige Sträitpunkt agoen, dee jo däitlech am Avis vum Statsrot développéiert gouf, an zwar den Ausschluss vun der Fonctioun publique aus dem Projet, wat deen neie Volet vum Congé individuel de formation ugeet.

De Statsrot huet eiser Meenung no Recht, wann e mengt, dass de constitutionnellé Prinzip vun der Gläichheet vu jiddferengem virum Gesetz net respektéiert ass, wann de Projet net explizit erwähnt, aus wéi enger Ursaach d'Fonctionnaires aus dësem anzeféierende Congé ausgeschloss sinn.

A sengem Avis complémenteaire vum 16. Januar 2007 gëtt de Statsrot eis zu där Problematik e Beispill, andeem e freet, firwat e Fonctionnaire, dee scho säit Joren an der Fonctioun publique schafft, net soll iwwert de Wee vun deenen 80 Stonne Congé crédit d'Formation vum Ofschloss vu senger Sekundärstudie finanzéiere kënnen, wann ee Privatbeamten oder een Indépendant déi Méiglechkeet elo kritt.

Mir mengen, dass dat eng Diskrepanz tëschent deenen zwou Zorte vu Beschäftegte gëtt, déi fréier oder spéider wéi schonn an der Chargésaffär vun den administrativen Juridictione mat Ënnerstützung vun der Cour constitutionnelle gebrach gëtt.

Elo muss een awer wëssen, wou deen Ënnerscheid hierkënn! D'Dispositione vum Projet, dee mer elo stëmmen, si vun der Regierung mat de betraffene Gewerkschaften an enger Konvention festgehal ginn. D'Kommission ass duerfir der Meenung, dass d'Fro vun engem Congé-formation och muss mat der CGFP am Kader vun enger Konvention geregelt ginn. De Minister vum öffentlechen Déngscht wëllt dat och maachen, a wann et geschitt ass, könne mer d'Méiglechkeet vun engem neie Congé-formation op d'Fonction publique ausdehnen.

Am Sënn vun der Gläichbehandlung vun alle Leit, déi eng weider Formation ustriewen, wëll ech deemno d'Regierung opfuerderen, och mam öffentlechen Déngscht eng

Konvention auszuschaffen. Esou sollen dann d'Statsbeamte kënnen am gläiche Mooss an op déiselwecht Manéier wéi d'Leit an der Privatwirtschaft vun esou enger Moossnam profitéieren.

Ceci dit, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wënschen an hoffen ech, dass vun deem neie Gesetz, wat e gutt Gesetz ass, räichlech Gebrauch gemaach gëtt, dass d'Patroné matspillen, dass d'Gesetz net détournéiert an net mëssbraucht gëtt, dass déi programméiert Evaluation duerghefuert an och am positive Sënn concluant gëtt.

Ech soe Merci fir Är Opmierksamkeet an ech ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Gantenbein. Nächste Riednerin ass déi honorabel Madame Anne Brasseur. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

» Mme Anne Brasseur (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass e Projet, dee weist, dass een, fir ze légiféieren, heiansdo immens laang Zäit brauch, an nach si mer mat dësem Projet net um Enn vun eise Beméiungen, wat och gutt ass, well et soll jo näischt stoe bleiwen, an alles evoluéiert - mä meng Virriedner si schonn dorop agaangen.

Ech wëll dem Rapporteur Merci soen, a stellvertretend fir de Rapporteur dem honorabelen Här Diederich, deen hei de Rapport virgedroen huet, deen och den Historique vum Gesetz gemaach huet.

Aus deem Historique geet ervir, dass 1993 de Conseil économique et social op d'Problematik higewisen huet vun der Formation continue, an dass et du bis 1999 gedauert huet, bis meng Virgängerin, d'Madame Hennicot, e Projet de loi déposéiert huet fir den Accès collectif un d'Formation continue. Et ass elo grad gesot ginn, et wären zwou Ministerinnen un dësem Projet bedeelegt. Ech géif soen, et geet virdrun un. Et war och d'Madame Hennicot, déi virdrun den Accès collectif geléist huet - e Projet, deen duerno awer eréischt ëmgesat gouf.

Beim Accès collectif ass et esou, dass ee Betrib ka froen, fir Formation continue mat senger Leit ze maachen, an da kritt en opgrond vun den Dispositionen, déi am Gesetz stinn, eng Partie vun deene Suen, déi en doran investéiert, erëm.

An deen Investissement huet eng immens Evolution kannt. Am Joer 2000 waren et 12,2 Milliounen Euro, déi esou un d'Betrib gefloss sinn, fir Formation continue ze maachen, an am Joer 2004 waren et schonn 18,1 Milliounen. Dat heescht 50% méi. Dat beweist, dass d'Betrib och erkannt hunn, dass een ëmmer méi muss an d'Formation vu senger Leit stiechen.

Allerdéngs, do ass opgefall, dass besonnesch déi kleng Betrib net à même waren, dat ze organiséieren. Et ass vill méi einfach fir ee grouss Betrib, deen och e Service des ressources humaines huet, eppes fir d'Formation continue vu senger Leit ze maachen. Et si mat der Chambre des Métiers enorm Efforté gemaach ginn, fir och u méi kleng a mëttel Betrib erunzekommen, fir dass se Formation solle maachen a vun deem Gesetz bénéficiéieren. Leider huet dat awer net an deem Mooss gegräff, wéi et am Fong hätt misse gräifen.

Parallèle zu deem Accès collectif war och gefrot ginn, en Accès individuel ze maachen. Do war et vill méi schwierig eens ze ginn, an dat war jo och eng Négociation ënner Sozialpartner - also Patronat enger-säits, Salariat anerersäits -, fir dass déi sech missten eens ginn. An dunn ass dat an der Tripartite Formation professionnelle décidéiert ginn, an zwar war dat den 21. Februar 2001.



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu

Ech muss soen, dass et net einfach war, deen Accord ze kréien, mä ech sinn awer ganz frou, dass dee koun, an déi Tripartite Formation professionnelle ass jo eng Émanatioun vun der Tripartite. Et ass gesot ginn, all dat, wat d'Education an d'Formatioun betrëfft, diskutéiere mer an enger extraer Tripartite, an déi huet eben den Accord fonnt, fir dass soll den Accès individuel och erméiglecht ginn.

Dorop hunn dann d'Partenairë sech zesumme gesat an hunn den 2. Mee 2003 en Accord signéiert. Dunn huet et nach ee Joer gedauert bis de Projet de loi ausgeschafft ginn ass, an deen ass dunn de 4. Mee 2004 hei déposéiert ginn. Dat ass elo schonn erëm dräi Joer hier. Dat heescht, vum Dépôt vum Gesetz bis haut, wou mer et votéieren - an ech gi jo dovun aus, dass dee Projet hei d'Unanimitéit vun der Chamber kritt -, hu mer erëm dräi Joer gebraucht. D'Avisé koume spéit.

De Conseil d'État huet säin Avis 2006 ofginn. Do waren Observatiounen dran, dann ass dat hin an hier gaangen. Mä, Här President, ech wëll lech soen: Mir müssen et dach awer fäerdeg bréngen, dass mer an onsem Travail législatif dat accélériéiere kënnen, well mir wiere frou gewiescht wa mer déi Dispositiounen hei schonn éischter hätte kënnen ëmsetzen, well wéi noutwendeg et ass, wéi batter néideg mer dat hunn, gëtt jo vun alle Bänken ënnerstrach. Dofir musse mer wierklech kucken, ob mer an Zukunft net kënnen de Processus législatif accélériéieren. Do ass d'Chamber gefuerdert. Mä net nëmmen d'Chamber ass gefuerdert, och de Conseil d'État ass gefuerdert, fir seng Avisé méi séier ze ginn.

Ech wëll net op all d'Dispositiounen agoen, déi am Gesetz stinn - den Här Diederich huet dat jo am Numm vum Rapporteur hei ganz gutt gemaach -, mä eng vun deene Froen, déi och beim Conseil d'État zu vill Oprou Ulass ginn huet, dat ass, well d'Fonction publique hei net dran ass. D'Fonction publique kann net hei dra sinn, well si waren net an deenen Négociatiounen derbäi, déi ënner Partenaires sociaux ausgemaach gi sinn. Den Här Spautz, dee wénkt mat engem Signe approbateur; also gëtt hie mer Recht.

Dat do ass en anere Volet. Mir hätten deen och nach kënnen hei traitéieren, mä dann hätt dëse Projet nach méi laang gedauert. An ech hätt dat net richtig fonnt, dat hei nach opzehalen. Mä et ass ganz kloer, an do ginn ech och der Madame Gantenbein Recht, déi hei seet, dass de Stat muss en Accord och mat de Statsbeamte fannen, fir dass mer och zu engem ähnlechen Arrangement kommen. An da muss selbstverständlech nach eng Kéier légiféiert ginn; mä do si mer an engem anere Kader.

Lifelong learning kritt ëmmer méi eng grouss Bedeitung. A wann ech kucke wivill Leit elo op fräiwëlleger Basis ouni Hëllef vun hirer Entreprise eppes fir hir Formatioun maachen, da kann een dat nëmme begréis-sen. Ech bewonneren déi Leit, déi zum Beis-pill an d'Owescoursé ginn an déi niewent hirer normaler Aarbecht hir Fräizäit afferen, fir regelméisseg während Joren eng Forma-tioun ze maachen, fir en Ofschloss noze-huelen, dee se bis dohinner net kruten.

Wann ech Leit kucken, déi d'Meeschterprü-fung maachen, déi all sonndes moies a Coursé ginn, dat si Leit, déi etabliéiert sinn, déi en Handwierkerdiplom hunn, déi regel-méisseg schaffen, déi Charges de famille ganz oft hunn, an déi ginn all sonndes moies an déi Coursen, fir d'Meeschterprü-fung ze maachen. Dat ass onwahrschein-lech.

Duerch dëse Projet brénge mer et elo fäer-deg, eng Partie, e Stéck vun hirer Fräizäit ze récompenséieren: De Betrib iwwerhëlt e Stéck, de Particulier iwwerhëlt e Stéck an de Stat iwwerhëlt e Stéck. Ech fannen dat rich-teg, well zesumme si mer interesséiert drun, dass d'Leit esou gutt wéi méiglech forméiert sinn.

Am Kader vun dësem Projet gëtt da ganz oft och vum Chômage geschwat, an et muss ee leider feststellen, dass de Pourcentage vun deene Chômeuren ouni Qualifikatioun ëmmer méi zouhëlt. Elo wësse mer all hei-bannen, dass et duerch eng Formation con-tinue schwiereg ass, een, dee wierklech dës le départ keng Formatioun huet, op Forma-tioun ze bréngen. Mä mir hunn duerch eng Gesetzesännerung, déi an deene leschte Joren duerchgefuert ginn ass, et awer fäerdeg bruecht, dass och erwuesse Leit zum Beispill kënnen en CATP maachen. An doriwwer krute mer awer eng Partie Leit mat Qualifikatioun.

D'Demandeurs d'emploi, déi keng Quali-fi-katioun hunn, déi waren am Februar 2005 bei 50%. Elo si mer iwwer 52% bei deene Leit, déi keng Qualifikatioun hunn. D'Forma-tion continue hëlleft net alles, mä et ass

awer méiglech doduerch méi Leit ze quali-fi-zéieren. An déi, déi eng Qualifikatioun hunn, déi wëssen all, dass et net duergeet eng Kéier en Diplom an der Täsch ze hunn, mä dass ee sech muss weiderbilden.

Dat Wichtegst, dat ass awer d'Attitüd, déi een huet vis-à-vis vum Apprentissage: Éischtens, dass een en Apprentissage de base mécht, dee gutt ass, an dass een duerno gewëllt ass, en Apprentissage ze maache während dem ganze Liewen. Een, deen d'Impressioun huet, dass den Dag komm ass, wou en näischt méi bälléiert, dat ass e Mënsch, deen ze bedauern ass, well deen huet keng Perspektiv méi.

Ech fannen et flott, well jiddfereen, ob for-mal oder net formal, dee wëssbegiereg ass, dee wierklech nach wëllt eppes léieren - dat ass formidabel -, deen développéiert sech an dréit domat zum Développement vun der Gesellschaft bäi. Ech géif mer wënschen, dass esou vill wéi méiglech Leit op dëst Ins-trument wäerten zrëckgräifen.

Nach wëll ech soen, dass de Problem mat der Fonction publique och misst geléist ginn, an ech huelen un, dass d'Regierung och haut, och wann de Fonction-publique-s-Minister net do ass, ons awer ka soen - entweder d'Madame Delvaux oder d'Ma-dame Jacobs -, wéi d'Attitüd vun der Regie-rung ass, wat den Zougang vun der Fonc-tion publique ass zu dësem Instrument, wéi se do gedenke virunzekommen. Ënnert deenen Observatiounen géif ech den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur. Nächst Riednerin ass déi honora-bel Madame Loschetter.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dir Dam-men an Dir Hären, am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi, do steet geschri-wen, datt dëse Projet sech parfaitement in-tegréiert an d'Konklusiounen vun der Europä-escher Kommissioun; schonn 1995 an hirem Livre blanc sur l'éducation et la forma-tion: Enseigner et apprendre vers la société cognitive. Dës Konklusiounen ënnersträi-chen ënner anerem och d'Wichtegkeet vum Apprentissage tout au long de la vie - Life-long learning -, fir den Erausfuederungen nozegoen, déi sech notamment an der Aar-bechtswelt duerch fundamental Ännerunge charakteriséieren.

Jiddferee weess, datt d'Ausbildung, an no-tamment d'Erwuessenenausbildung, eng adequat Zäit Disponibilitéit brauch. Disponi-bilitéit, déi eng Persoun, déi enger bezuel-ter Aarbecht nogeet, wahrscheinlech net zur Genüge huet. Fir eng besser Professiona-lisatioun vun den aktuellen ekonomes-chen Acteuren ze garantéieren, a fir de Mutatiounen, déi eis traditionell Aarbechts-plazen duerchmaachen, adequat kënnen virzegräifen, muss a soll de Stat interve-néieren nieft den Efforten, déi d'Betribler maachen, fir den Einzelnen ze ënnerstëtzen a sengem Wëlle sech weiderzebilden.

Dat alles steet Wuert fir Wuert - zwar op Franséisch - am Exposé des motifs.

(*Interruption*)

Op Franséisch.

Dat heescht, jiddferee soll a muss kënnen engere staatlecher Ënnerstëtzung profi-téieren, och well mir eis zu Lëtzebuerg zum Zil gesat hunn: a Formation continue ze in-vestéieren, eng Société de la connaissance ze sinn, de Lissabonner Prozess - d'Lissa-bon-Strategie - zu Lëtzebuerg weiderzedrei-ven. Dëse Projet de loi féinnt seng Originen - et ass schonn eng Kéier hei gesot ginn - an enger Recommandatioun vum Conseil économique et social, an et ass effektiv virun allem eng Transkriptioun an engem Gesetz vun engem Accord interprofession-nel tëschent de Sozialpartner.

Doduerch, datt d'Regierung décidéiert huet, en neit Gesetz op den Instanzewee ze féieren, kritt d'Gesetz iwwert de Congé-édu-cation, e Gesetz, dat vum Ministère de la Famille, de la Jeunesse an esou weider gé-réiert gëtt, erëm säin ursprünngleche Cha-rakter. Education a Formation ënnerschee-de sech eben an hirer Definition.

De Congé-formation ass gericht u Persou-nen, déi schaffen an déi sech wëlle forméie-ren, weiderforméieren an ëmforméieren. Dëst ass e wichtege Aspekt an Zäite wou et kaum nach eng Persoun gëtt, déi iwwer 40 Joer, dat heescht eng ganz Berufscar-rière, beim selwechte Patron schafft, déi eng selwecht Aarbecht mécht an déi net muss sech mat deenen neien an ëmmer méi séieren Innovatiounen ausenanersetzen. Esou wäit, esou gutt.

Awer da gi mer ganz geschwënn mat deem leidege Problem konfrontéiert, an zwar dee

Problem, datt e Gesetz entweder fir de Sec-teur public oder fir de Secteur privé gëllt. De leidege Problem, datt mir et hei zu Lëtze-buerg nach ëmmer net fäerdeg bréngen, e Gesetz ze schreiwen an ze stëmmen, wou all schaffend Persoun, sief se am Secteur public, am Secteur privé, eng liberal Profes-sioun ausübt oder eben indépendant ass, wou jiddfereen, deen enger bezuelter Aar-becht nogeet, d'selwecht behandelt gëtt.

De Fait, datt de Congé-éducation erëm op seng initial Iddi orientéiert gëtt, ass eng gutt Initiativ an dréit och zur Kloerheet an zur Transparenz bäi.

Och ass et do fäerdeg bruecht ginn - an do schwätzen ech och als Member vun der Commission Travail et Emploi, déi praktesch ëmmer unanime ëmmer erëm ënnersträicht, datt de Secteur public an de Secteur privé solle gläich considéiert ginn.

De Congé-éducation gëtt duerch de Congé-jeunesse ersat, an dat zwar an deenen dräi Gesetzer: am Gesetz vum Congé-éducation vum 4. Oktober 1973, Ministère de la Jeu-nesse; am Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iw-wert de Statut vun de Statsfonctionnaires an am Gesetz vum 24. Dezember 1985 iwwert de Statut vun de Gemeengefonctionnaires.

Mir begrëssen dëst ausdrécklech, esou wéi all aner Ännerung am Kontext vun deem neie Congé-jeunesse, och zum Beispill de Fait, datt déi Klausel, datt ee sechs Méint muss bei engem Patron schaffe fir e Congé-jeunesse kënnen ze kréien, net zrëckbehale ginn ass. Dat kënnt virun allem de jonke Salariéen entgéint; dat ass och schonn hei gesot ginn.

Firwat war et dann net méiglech, genau dat-selwecht ze maache mam Congé-formation, Här President, Dir Dammen an Dir Hären? E Congé-formation anzeféiere fir all Persoun, déi am Land schafft?

Dat ass eng einfach Fro, déi ech am Numm vun der ganzer grénger Fraktioun net eleng un d'Educatiounsministesch stellen oder un d'Familljeministesch, mä eigentlech un déi ganz Regierung, mat hirem Aarbechtsmi-nister, hirem Fonction-publique-s-Minister, hirem Ekonomieminister, hirem Héich-schoulminister a schlussendlech och hirem Premierminister, deen net midd gëtt ervirze-sträichen, wéi wichteg et ass, datt e Land wéi Lëtzebuerg, dat matzen an Europa läit, mat senger groussen Nopere ronderëm, en ekonomesche strategesche Punkt ass a bleibt, woufir et esou wichteg ass, datt all Persoun, déi hei am Land schafft, sech e ganzt Liewe laang weiderbilt, sech den neien Erausfuederungen um Aarbechts-maart no adaptéiert, fir datt mir eng Wës-sensgesellschaft ginn a bleiwen.

Mä voilà, et war alt erëm eng Kéier, oder vläicht besser ausgedréckt, nach ëmmer net méiglech, eng eenheetlech Approche an der Politik ze elaboréieren, op engem u sech net ëmstriddenen Aspekt wéi d'Ënner-stëtzung vun der Weiterbildung. Alt erëm eng Kéier, oder erëm besser ausgedréckt, nach ëmmer gëtt de Secteur public anescht behandelt wéi de Secteur privé. An, une fois n'est pas coutume, de Secteur public kënnt méi schlecht ewech bei dëser legislativer Aktioun.

Eng Persoun, déi am Secteur public schafft, huet bis auf Weiteres kee Recht méi sech extra Congé unzefroen, fir zum Beispill sech weiderzebilden, sech op en Examen ze pre-paréieren, jee, all déi wichteg an noutwen-deg Ursaachen, firwat de Congé-éducation bis elo huet misse geruetstoen.

An och wann de Fonction-publique-s-Minis-ter sech elo eng intelligent Aktioun welcher Natur och ëmmer ausdenkt, fir dëst ze re-dresséieren, esou bleibt et awer eng traureg Situatioun, datt och hei zwee Secteuren anescht behandelt ginn.

De Statut unique „lässt grüßen“!

Gott sei Dank, kann ee bal soen, gesäit de Conseil d'État dat och esou, an et ass d'autant plus regrettabel, datt trotz dem Oprechterhale vun der Opposition formelle vum Statsrot d'Regierung bei hirer Positioun bleibt, an déi zoustänneg Chamberskommis-sioun Éducation et Formation profession-nelle net de Courage hat, aner Schrëtter ze goen an der Regierung domadder den Diks ze riichten.

An enger Politik vun der Promotioun vum „lifelong learning“, vun der Promotioun vun eiser Gesellschaft um Wee ze enger Wës-sensgesellschaft, souwäit se och an notam-ment an der Lissabonner Strategie be-schriwwen ass, esou wéi se an etleche Lignes directrices beschriwwen ass, esou wéi et an etleche Pabeieren iwwer Inno-vation a Plein emploi beschriwwen ass, esou wéi et notament an der Politik vum Maintien dans l'emploi och beschriwwen ass, an esou enger Politik müssen de Wieder „Taten folgen“.

Mir haten eis als gréng Fraktioun eng méi couragéis a generéis Politik vun der Regie-rung erwaart, net nëmme well mir politesch ëmmer erëm op d'Wichtegkeet vun der Wei-derbildung hiweisen an d'Hoffnung och nach net opginn, datt d'Regierung eise Rot-schléi emol géif nogoen, mä och well mir ëmmer erëm héieren an de Riede vun den zoustännegen Ministere vun dëser Regie-rung, datt si d'Wichtegkeet an d'Ënnerstët-zung vun enger Weiderbildungspolitik fir jiddfereen als Prioritéit gesäit.

Firwat da setze si hir Sätz net a politesche Pragmatismus ëm?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus dëser Ursaach - ausser mir kréichen eng gerechtfertegt Äntwert, déi dann och dem Statsrot entgaange wier - wäerten déi Gréng sech bei dësem Vote enthalen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Den Här Jaerling huet d'Wuert nach gefrot. Här Jaerling!

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Mir bleibt nach just d'Zoustëmmung zu deem Projet ze ginn. Ech mengen, wa mer schonn hei eng Kéier eppes Positives virleien hunn, da soll een dat och net laang zerrieden.

(*Brouhaha général*)

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Madame Delvaux!

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Mi-nistre de l'Éducation nationale et de la For-mation professionnelle.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen all menge Virriedner an och dem Rapporteur a sen-gem Remplaçant villmools Merci fir éisch-tens de Rapport, zweetens déi Diskussioun. Vu dass all Riedner esou intensiv op d'Vir-geschicht agaangen ass vun dësem Projet, brauch ech jo net den Historique nach eng Kéier ze maachen. Ech wëllt dräi Saachen zrëckhalen:

Éischtens wëllt ech confirméieren, effektiv, d'Madame Brasseur huet dat jo wierklech gutt hei erkläert, vu dass si déi deemools zoustänneg Ministesch war, dass dat Ge-setz hei eng Transpositioun ass vun engem Accord, enger Konventioun zwëschent de Patronen an de Gewerkschaften aus dem Privatsecteur an dass du gesot ginn ass, dann transposéiere mer dat an e Gesetz, fir dass et méiglechst séier geet.

(*Interruption*)

Dat war awer d'Argument, an där Zäit.

Dat hat natierlech zur Konsequenz, dass d'Fonction publique net vun deem Gesetz beträff ass, well jo d'Fonction publique net mat de Patronë vum Privatsecteur négociéiert iwwer hiert Recht op eng Formatioun. Dat ass och alles scho virdrun hei gesot ginn. Et ass awer ganz vill ronderëm disku-téiert ginn an dofir wollt ech, an ech sinn do-fir autoriséiert vum Minister vun der Fonction publique, nach eng Kéier kuerz dorobber zrëckkommen.

Ech mengen, dass d'Situatioun am öffentle-che Secteur an am Privatsecteur relativ ver-schidden ass, wat d'Rechter ugeet, wat d'Flexibilitéit vun der Aarbechtssäit ugeet, a wat, loosse mer soen, d'Entgéintkomme vun de Patronen ugeet. Et gëtt also do e funda-mentalén Ënnerscheed.

Dozou muss een da soen, dass dat Gesetz hei eigentlech regelt, wéi de Stat interve-néiert. Duerfir brauche mer jo e Gesetz.

Wie bezilt de Stat am Fall wou e Patron an e Salarié aus engem Betrib sech eens ginn? Déi Fro brauche mer fir den öffentliche Sec-teur jo net ze klären, well déi ass komplett anescht. Also: De Stat muss jo net engem Privatpatron eppes bezuelen, wa seng eege Leit an eng Formatioun ginn.

Dann ass an der Fonction publique d'Situa-tioun vun der Formation continue eigentlech grondleeënd esou geregelt, dass eigentlech fir eng Promotioun ze kréien a senger Car-rière all Statsbeamte praktesch eng Obli-gatioun huet fir 30 Deeg Formation continue ze maachen. Dat ass schonn e fundamen-talen Ënnerscheed mam Privatsecteur, well soss kann en déi verschidden Etappen a senger Carrière net hannert sech bréngen.

Dann ass dat Zweet, dass beim Stat eng grouss Offer u Formation continue besteet, déi vum INAP offréiert gëtt. An alleguer déi Leit, déi sech fir Formation continue interesséieren, déi kënnen dat jo liesen, wat do alles offréiert gëtt. Dat ass substanziiell!

Do gesi mir - mir, dat ass elo de Ministère vun der Fonction publique an domadder also d'Regierung -, dass et Leit gëtt, déi ganz vill vun där Offer profitéieren, a Leit, déi ganz weéneg dovunner profitéieren. Den Advantage an der Fonction publique ass, dass déi, déi wëlle vill profitéieren, keng iewescht Limite hunn, dat heescht, déi kënnen esou vill a Formation continue goe wéi se wëllen, ouni dass se dee Plaffong vun 80 Deeg hätten. An deem Sënn ass dat dann erëm e fundamentalen Ënnerscheid zum Privatecteur.

Wou ech d'Bedenke verstinn, déi och an der Kommissioun manifestéiert gi sinn, dat ass éischter déi Fro: Wann ee Statsbeamten oder een, deen am Service beim Stat schafft, wann deen elo gären an Zukunft een oder zwee Deeg fräi hätt fir fir den Examen ze léieren, dann ass dat de Moment net méiglech. Dat ass eigentlech deen eenzege Schéinheitsfeeler an dësem Gesetz.

An do hu mer jo och no Récksprouch mam Minister vun der Fonction publique awer decidéiert, mir kéinten dat de Moment net an d'Gesetz drasetzen, well, wéi Der wësst, Verhandlungen de Moment lafen tëschent der Regierung an der CGFP. Verhandlungen, déi natierlech eng grouss Envergure hunn, net nëmmen iwwert deen heite Sujet, mä iwwer Gehälter an - also ech sinn net am Geheimnis dran - iwwer nach e ganze Koup aner Saachen. Just huet de Minister vun der Fonction publique gesot, hien hätt deen dote Punkt als ee vun deene Sujeten, déi an de Verhandlungen traitéiert musse ginn, opgefouert. An ech weess net wou mer de Moment dru sinn.

Dat heescht, dat war déi eenzeg Demande, déi mer haten, a wou mer gesot hunn: Jo, do ass effektiv en Handlungsbedarf wat d'Fonction publique ugeet, mä do hätte mer gären, dass dat am Kader vun deenen Négociatiounen mat der Fonction publique soll gekläert ginn. Esou vill also zu deem dote Punkt.

Ech weess elo net, ob dat der Madame Loschetter an deene Gréngen duergeet, mä ech denken, dass ee wierklech muss en Ënnerscheid maachen tëschent de Rechter, wat d'Formation continue ugeet, fir déi Leit, déi en öffentleche Statut hunn, an déi, déi e private Statut hunn.

Deen zweete Punkt, deen hei vu jiddferengem ervirgestrach ginn ass - an dee kann ech mat ënnersträichen -, dat ass, dass mer immens laang Zäit gebraucht hunn, fir dat Gesetz hei duerch d'legislativ Hürden ze bréngen, a wéi Der jo wësst si mer nach net doduerch, well héchstwahrscheinlech de Statsrot jo wäert seng Reserven oprechterhalen, an dass dat hei nëmmen en éischte Vote ass vun engem Gesetz, wou mer dann nach eng Kéier an dräi Méint mussen en zweete Vote virhuelen. Wann de Statsrot, wéi gesot, seng Opposition formelle oprechterhält.

Also, ech bedauern dat och, wëll awer e bëssen als Excuse dobäi ginn, dass an der Zwëschenzäit - nom Dépôt vum Gesetz an haut - e Code du Travail agefouert ginn ass, an dass also dat heite Gesetz sech an de Code du Travail situéiere muss. An dat huet also mat sech bruecht, dass eng ganz Aarbecht huet misse gemaach ginn, fir d'Numérotatioun vun den Artikelen aneschtens ze maachen, wou ech muss soe mer dankbar sinn, dass de Conseil d'État déi Aarbecht fir eis gemaach huet, well esou einfach ass dat net fir dat anzeréien.

An da wollt ech als leschte Punkt nach eppes ubréngen - näischt Prezises méi zum Gesetz, mä zur allgemenger Diskussioun iwwer „lifelong learning“ -: Ech denken, dass et kee gëtt hei zu Lëtzebuerg, deen net gemierkt huet, dass mir an enger Wëssensgesellschaft liewen. Mir sinn dran. Et ass net eng Décisioun vun enger Regierung fir dranzekommen, dat ass einfach eng Feststellung. A mir hunn alleguerten ech géif bal soen d'Verpflichtung, fir eis dauernd ze informéieren. An et ass sécher och d'Aufgab vum Stat, fir dat do ze begleeten an ze encadréieren.

Ech wëll dofir just déi eng an déi aner decouragéiere fir ze mengen, dass ee jee géif genuch doranner maachen, well wann ee seet „lifelong learning“, dann ass et och net mat 80 Deeg am Liewe gedoen. Dat heescht, mir mussen eis ganz vill mobiliséieren, Konditiounen schafen, fir dass déi Offer u léieren an u sech adaptéiere wéi säi Wësse multiplizéieren ëmmer erëm erneiert gëtt, dass se steet.

Mir mussen och e ganze Kader dofir schafen, wat d'Zertifikatioun ugeet. Dat ass fir mech e wichtegt Element heivunner, wou mer éischt Schrëtt gemaach hunn. Mir si jo och amgaangen d'Offer ze augmentéieren iwwer eBac, dat heescht Enseignement à distance, all déi Forme vu léieren, déi ee sech do ka virstellen. Dat ass e grouss Chantier, dee wahrscheinlech ni en Enn kritt.

Ech denken och, wann ech d'Diskussiounen vun deene leschte Méint gesinn, dass et och e Mentalitéitswandel muss ginn, an dass d'Leit alleguerten, mir alleguerten, sech mussen och domadder offannen, dass een eigentlech mat engem éischten Diplom zwar ee gudden Départ an d'Liewe kritt huet, mä dass den éischten Diplom net duergeet, an dass een och deene Leit, déi déi Chance net hate fir en éischten Diplom ze kréien, eng Méiglechkeet muss ginn, fir eng éischt Formatioun ze kréien. Ech stellen esou fest, wann ech d'Zeitungen, d'Communiquéé liesen, dass dat net vu jiddferengem gedeelt gëtt, an dat mécht mech eigentlech traureg.

Dofir géif ech soen, dat Gesetz hei ass ee Stéck vun engem Puzzle, dee mer zesummesetzen. Et ass e wichtige Schrëtt, mä et ass nach laang net all Problem geléist mat dësem Gesetz. Mä ech sinn awer frou, dass dat Gesetz hei esou e breede Konsens an der Chamber fënnt, an dofir soen ech lech alleguerte villmools Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien.

» M. le Président. - Merci, Madame Minister. D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert nach gefrot.

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration. - Här President, ech wëll mech just de Mercien uschlësse vis-à-vis vun all deenen, déi dozou bäigedroen hunn - och wann et laang gedauert huet, Madame Brasseur, bis mer endlech esou wäit waren -, datt och eng Rei vu Prezisiounen an eng Rei Verbesserungen, déi virgesi sinn an deem Deel, dee mat der Jeunesse ze dinn huet, elo awer an engem éischte Vote gestëmmt ginn an domadder da weinstens awer kënnen an dräi Méint a Kraaft trieden a mer domadder deene Leit och kënnen Satisfaktioun ginn.

Dofir och dem Rapporteur a sengem Stellvertreider an allen aneren e grouss Merci, datt mer elo déi hei schwéier Hürd geholl hunn. Merci.

» M. le Président. - Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domadder ass d'Debatt ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5337 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira,

Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann nach zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5628 iwwert de Centre européen pour les prévisions météorologiques.

2. 5628 - Projet de loi portant approbation

- du Protocole d'amendement à la Convention portant création du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme;

- des amendements au Protocole sur les privilèges et immunités du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme (vote)

D'Diskussioun gouf jo gëschter ofgeschloss. D'Ofstëmme fänkt elo gläich un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5628 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs freet d'Wuert fir den Dépôt vun engem Projet de loi, huelen ech un.

3. Dépôt d'un projet de loi

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration. - Här President, de Grand-Duc huet mech autoriséiert, de 24. Abrëll 2007, de Projet de loi iwwert de Centre intégré zu Bärbuerg ze déposéieren.

- Projet de loi N°5723 autorisant la participation de l'État à l'extension du centre intégré pour personnes âgées à Berbourg

Merci, Här President.

» M. le Président. - Ech ginn Akt vum Dépôt vun dësem Projet de loi, deen un déi zoustänneg Chamberskommissioun weitergeleet gëtt.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5636, eng Ofännerung vum Code d'instruction criminelle. D'Wuert huet de Rapporteur, déi honorabel Madame Doerner.

4. 5636 - Projet de loi concernant la disparition des personnes et portant modification du Code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission juridique

» Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all Joer verschwannen hei zu Lëtzebuerg eng 50 Persounen: Dorënner si jugendlech Dauerausräisser, déi fir eng kuerz Zäit verschwanne weinst familiären oder schoulesche Problemer, awer och eeler fragiliséiert Leit a souguer Erwuessener, déi no engem Sträit einfach bei Frënn ënnerdauchen. Zum Gléck kommen déi meescht no enger kuerzer Zäit vum selwen erëm oder gi vun der Police opgegraff.

Anerer awer hannerloossen net déi geréngste Spur. Do derhannert stinn oft tragesch Schicksalen, verzweifelt Elteren, mä d'Siche vun ofgängege Persounen ass awer och fir eis Police eng delikat Affär. Firwat? Well déi betrafte Famill extrem sensibiliséiert ass. Si stellt sech Froe wéi: Lait eist Kand verletzt an engem Gruef? Ass et entfouert oder souguer ëmbruecht ginn? Huet et sech selwer eppes ugedoen? Oder hu mir eis eppes virzewerfen? Kee weess et. Gewëss ass nëmmen, datt dat Kand ni doheem ukomm ass.

Fir d'Famill fänkt eng schwéier Zäit un a si leeft an enger quälender Ongewëssheet vu Waarden, Angscht an Hoffnung. D'Aussoe bei der Police sinn do dorniewent och ganz oft net zoutreffend, oder et verstoppt sech tatsächlech e Verbräichen hannert sengem Ausbleiwen.

Wéi reagéiert elo an der Praxis d'Police, wann eng Persoun vermësst gemellt gëtt?

Fir d'alleréisch: D'Date gi polizeintern diffuséiert per Email-System, an dat erlaabt d'Ofgläiche mat Lëschte vu Spideeler, Prisonen an onbekannten Doudegen. Och Schengen-wäit kann dëse Fahndungsupruff aktivéiert ginn, an zwar iwwert den SIS, dat wëllt soen de Schengener Informationssystem, an dat banne 15 Minutte vun der Meldung. Bei Auslandsfäll gëtt d'Interpol ageschalt. An nëmme mam Accord vun den Eltere gi Fotoe vum Vermëssten an de Medien publizéiert. Ech wëll nach ervirhiewen: Speziell fir vermësste Kanner gëtt an der EU dëst Joer eng eenheetlech Hotline instaléiert.

Mä net all Vermësstemeldung léist eng direkt grouss ugeluechte Sichaktioun aus, wou d'Polizisten, d'Pompjeeën a Fräiwëlliger onermiddlech op de Bee sinn, fir de Betraffenen ze fannen.

Mir gesinn, datt d'Responsabilitéit bei enger Vermësstemeldung bis elo exklusiv eng Responsabilitéit vun der Police ass, dat heescht, déi Vermëssteproblematik berout op enger praktescher polizeilecher Handhabung, ouni eng gesetzlech Regelung. Firwat?

Ganz einfach, well e Vermëssten am Prinzip näischt mat der Strofwelt ze dinn huet. De Begrëff vun Disparitioun ass an eiem Code d'instruction criminelle weder virgesinn nach definéiert, dat heescht, de Justizapparat kann net a Bewegung gesat ginn.

Fir de Laien ass dat ganz oft onverständlech, datt bei der Sich no enger Persoun de Parquet net vu sech aus op déi gängeg Ermittlungsmoossnamen zrëckgräife kann, an dat contrairement zur Fahndung vu verdächtige Leit. Et ass also un der Zäit fir dëse Vide juridique ze fëllen. Dofir enthält dëse Projet, dee mer haut stëmme sollen, verschidden nei Prinzipien an Artikelen, déi op eng Verbesserung bei der Vermësstefahndung ziele sollen.

Den Hauptpunkt vun dësem Gesetz ass, datt beim Verschwanne vu Kanner a vu fragiliséierten Erwuessenen, dat wëllt soen: Leit, déi ënner enger Mesure de protection stinn, do kann elo de Procureur all zwangsrechtlech Ermittlungsmoossnamen huelen, déi nämlech, déi géifen ugewannt gi bei enger Enquête en flagrance, also en flagrant délit, an dat op eegen Initiativ hin, och wa kee Verdacht op eng strofbar Handlung virläit.

An anere Wierder: De Parquet kann elo, mat der Zesummenaarbecht vun der Police judiciaire, Hausduerschungen, Saisië maahe vun Dokumenten, Zeien unhéieren an och op DNA-Profiler zrëckgräifen. An och no engem Délai vu 24 Stonne gëtt déi Prozedur ënnert der Form vun enger Enquête préliminaire weitergefouert. Och den Untersuchungsrichter kann domadder befaasst ginn. An dës Ermittlungsmoossnamen ënnerbräichen och all Friste vun enger Verjährung, wann eng Infraktioun géif festgestallt